Diddeleng, de 14. Juni 2024

Motioun

Keng ëffentlech Gelder méi ausgi fir e Sweet Event

De Gemengerot stellt fest,

- dass an eiser Gesellschaft ze héich Quantitéiten u fettegen, salzegen a séisse Produite consomméiert ginn,

- dass Obesitéit e gesondheetleche Problem an eiser Gesellschaft ass,

- dass d'Zuelen zu Obesitéit an Iwwergewiicht och bei eise Schoulkanner net ze negligéiere sinn (cf. Rapport vun der Schoulmedezin an der Schoulkommissioun vum 8. Februar 2024),

- dass "gesond Diddeleng" zum Zil huet d'Gesondheet vum Diddelenger Bierger*innen an de Mëttelpunkt ze stellen,

- dass de Marketing an d'Reklammen, deene mär ausgesat sinn, en Impakt hunn op d'Loscht ongesond Liewensmëttel ze consomméieren,

- dass de Sweet Event, an domat d'Promotioun vun ongesondem Iessen, zu Diddeleng 2023 a 2024 mat ëffentleche Suen ënnerstëtzt gouf (Budget rectifié 2023: 25.000 € / Budget 2024: 20.000 €; domat op 2 Joer gekuckt, viraussiichtlech 45.000 €).

Invitéiert de Schäfferot:

- keng ëffentlech Gelder méi zur Verfügung ze stelle fir d'Organisatioun an d'Promotioun vun engem Sweet Event zu Diddeleng.

Semiray Ahmedova — conseillère communale

Yves Steffen — conseiller communal